Fanfare Herborn

Band N° 82

# Heihin, Dohin,

oder

## Wurscht widder Wurscht

Komescht Théaterstéck an 2 Akten

vum

**François GILSON**

Rollengergronn

**All Rèchter virbehâlen**

1923

Drock a Verlag vum P. Worré-Mertens

Letzebuerg

## PERSO'NEN:

**De Köbes,** e Wîrt;
**De Jempy,** } Nôper;
**Den Te'dy,** }
**D'Hugel,** dem Köbes séng Frâ;
**D'Kätty,** séng Duechter;
**D'Udil,** éng Hiewân;
E Weinhändler.

---

Spillplâtz: Eng Wîrtschaft.

## E'SCHTEN AKT.

An der Mett an op all Seit éng Dîr. Eng gro'ss âl Wandauer, Descher, Still, Biller an so' weider.

### 1. Optrett.

**Köbes, Jempy, Te'dy.**

**Köbes:** (Setzt um Desch d'Zeitung ze liesen. E kuckt zur Fenster aus.) Elo kommen de' zwé Plogêschter och erem. Vun dénen zwé ass én me' nidderträchteg we' dén âneren.

**Jempy:** (Kennt erân a get dem Köbes d'Hand.) Ah, gudden Owend, Köbes! A we' gét et dann?

**Te'dy:** (Get em d'Hand och.) Nondikass, du méchs jo e Gesîcht ewe' séchs Dég Rén. Du häss solle mat ons an den Zirk gôen.

**Köbes:** A wat hätt ech dann do bei déne Schwindeler gemâcht. Ech si scho lâng erem, wuer de' ere'scht hiwellen.

**Te'dy:** Dat ass awer och net wo'er. Bréng ons éng Dröppchen.

**Köbes:** (Serve'ert.) Prosst, dir Leitsgeheier!

**Te'dy:** Prosst! (Drénkt.) Abbé, mir hu Sâchen am Zirk gesinn, wo' é méngt, all Kand kennt se nomâchen. Mè dass nach lâng net wo'er!

**Jempy:** An och, wo' é méngt, et kennt net me'glech sin. 'T war en do, dén huet e Stull un d'Mauer gemôlt, an en huet sech mat den Hôer geholl an drop gesât.

**Te'dy:** D'ass bâl net ze glèwen. Och huet én éng Karaff an e Glas gemôlt, hellt d'Karaff, schett Wâsser an d'Glas an drénkt draus. De Kapp hun s'éngem mat éngem Dénnendill ewèch gesto'sst, an erem mat Zockerwâsser opgesât; Et huet em neischt gedôen.

**Köbes:** Jé jé, hängt mer kéng op, ech glèwen dat net. Ech wètten, dass et net wo'er ass.

**Jempy:** Du bass emmer gleich mam wètten do. Du méngs sécher, du wärs me' gescheit ewe' de' âner.

**Köbes:** Jé jé, schwätzt mer ké Blèch, ech wètten och, dass et net wo'er ass. (Of.)

**Te'dy:** (Zum Jempy.) Wann en elo erem kennt da spillen ech em éng; du brauchs mer nemmen ze héllefen. E wètt eso' bâl net me'.

**Jempy:** (Reifft sech d'Hänn.) 'T soll e Wûrt sin, ech si mat allem averstânen. Awer we' wellst de dat da mâchen?

**Te'dy:** Ro'eg, elo kennt en erem. Pass nemme gutt op.

**Köbes:** (Kennt erân an esst en Apel.) Ech mâchen elo éng Konscht mat drei Still. Ech wètten, de' mécht ké vun iech zwe'n mer no.

**Te'dy:** Oho, de' ge'ng ech ower gère gesin!

**Jempy:** An ech och.

**Köbes:** (Hellt drei Still.) Hei, elei sin drei Still. Vun dénen drei sin der zwe'n ewèch zu huelen an dann erem én derbei ze sétzen, da mussen et der erem drei sin.

**Te'dy a Jempy:** (Sie probe'eren an et gét net.)

**Köbes:** We' ass et, ech gewannen méng Wètténg. Get der iech?

**Te'dy a Jempy:** Mir gin ons!

**Köbes:** (Sétzt zwe' Still ewèch an dén iwréch ass, derbei.) Gesit der, dir zwé Gescheiter. (Krâtzt sech hannert dem O'er.) Hätt ech alt nemmen zwanzég Frang gewât!

**Te'dy:** (Lâcht.) De' häss d'elo gewonnen.

**Jempy:** (Lâcht och.) Dat do ass mir éng ârtlech Konscht!

**Köbes:** Ja net, dir hut et awer net fèrdeg bruecht.

**Te'dy:** Dat ass wo'er! Abbé, wèlls d'eso' gescheit bass, an eso' gère wètts, sôen ech der éppes, was du och net fèrdeg bréngs. An ech wètten zwanzeg Frang.

**Jempy:** An ech och!



**Köbes:** (Lâcht.) Ech huelen et un, wann dir zwé Geld zevill hutt. Dann eraus dermat! Frangen op den Desch gelueсht! Hei si méng! Ech wètte mat iech allen zwé, dass ech et mâchen!

**Te'dy:** Elo muss ech ower lâchen. E wètt schon an e lét Geld eraus, an e wéss emol nach net, em wat et sech handelt.

**Köbes:** Dir kénnt mech nach schlècht. Eraus dermat, wat ze mâchen ass! Ert Geld get meint.

**Jempy:** Du sche'ngs dénger Sâch och nach sécher ze sin!

**Köbes:** Dat sin ech emmer.

**Te'dy:** Abé da lauschter. Dass net eso' lîcht we'ss du der dat virstéllst. Kuck Köbes, do hängt déng Auer, du muss dech nu virun d'Auer sétzen an da weider neischt mâchen we' emmer dem Péndel mam Fanger no ze weisen a sôn: „Heihin, dohin", an dat éng hallef Stonn lâng. Guer neischt ânescht därfs de sôen a mâchen. Hei ass onst Geld, bréngs d'et fèrdeg, dann hues d'an énger halwer Stonn 40 Frang verdéngt. Bréngs d'et awer net fèrdeg, da sin déng Suen ons.

**Köbes:** Ass dat do alles. Ma dir zwé hut d'Geld völleg. An énger halwer Stonn sin ech gewonnen; awer ént hâlen ech mer aus: dir därft net mat mer schwätzen.

**Te'dy:** Mir schwätze guer net mat dir, a mir pâcken dech och net un. Also elo kann et lass gôen. Du därfs weider neischt sôen we' „heihin, dohin", an emmer mam Fanger weisen.

**Köbes:** Dir könnt mâche wat der wellt, ech losse mech net ste'eren. Dass halwer ve'er, elo gét et lass! Em ve'er Auer hâlen ech op! (Sie klâcken an d'Hänn.) Allé hopp!

**Köbes:** (Setzt um Stull, weisst mam Fanger an emmer an emmer.) „Heihin, dohin".

**Te'dy a Jempy:** (Sétzen sech un den Desch a lâchen.)

**Köbes:** (Emmer.) Heihin, dohin!

**Te'dy:** Mei le'we Jempy, d'Rendve'her sin awer elo deier!

**Jempy:** Abé, wann ech de Köbes eso' gesin do setzen, da ge'ng ech dat net gléwen.

**Te'dy:** O jo, hätt dén nach e puer Hâren!

**Jempy:** An och gespléckte Fe'ss! — Donnerliddchen, e get sech emol net. (Sie tuschelen allen zwé zesummen.)

**Te'dy:** Eng Idy, elo gét et! (Sie huelen d'Geld a stiechen et vrum Köbes an d'Täsch.)

**Köbes:** (Lâcht.) Heihin, dohin!

**Te'dy:** (Gét an d'Kichendîr a rifft.) Ower Hugel, komm emol erân! Wat der Deiwel ass dann dem Köbes geschitt?

### 2. Optrett.

**Hugel, de' Virécht.**

**Hugel:** (Hanner de Kulissen.) A wat soll dém da geschitt sin?

**Jempy:** Ma dén ass ganz gutt opgeluecht. E kennt mech vir, we' wann en net me' richteg an der Schirbel wier. Komm emol kucken!

**Hugel:** (Kennt erân.) Em Gottes Wellen, a wat mechs du Peiâs dann do?

**Köbes:** (Emmer an emmer.) Heihin, dohin!

**Hugel:** (Beonro'egt.) A wat hues de dann, mei Jong? (Firt em mat der Hand iwer de Kapp.) Le'we Köbeschen, ass der éppes geschitt? (Paus. Köbes emmer: Heihin dohin!) Köbeschen, komm mei Jong, mir gin an d'Kummer, a lôss de' Dommhéten op der Seit. Komm, lé dech an d'Bétt, du bass krank. (Wellt e mam Arm huelen.)

**Te'dy a Jempy:** (Bekucke sech a lâchen.) Elo gét et un.

**Köbes:** (Ste'sst d'Hugel mat dèr énger Hand op d'Seit.) Heihin, dohin!

**Te'dy:** Dén ass géckeg oder krank.

**Jempy:** (Zur Hugel.) Hues de dann nach neischt enuecht geholl bei him?

**Hugel:** O dach! (Kreischt.) En ass geschter eso' opgerégt a verdresslech doeremmer gângen.



**Te'dy:** Ech méngen, d'Blutt ass him an de Kapp geschlôn.

**Jempy:** 'T déng é wuel, den Dokter ze ruffen.

**Hugel:** Den Dokter ass elo grâd fort gefuer. (Dréchent sech d'Tre'nen.) Ma d'Hiewân Udil kann och Odere lôssen.

**Te'dy:** (lescht.) Dass ower he'ch Zeit. Kuck, e get scho ganz ro't am Gesîcht.

**Jempy:** Op émol kritt e nach e Schlâg.

**Hugel:** Herrjeminé, he'ljen Sylvester, hellef mer! Ech gin d'Hiewân ruffen. (Of.)

**Köbes:** (Bekuckt se rôsen.) Heihin, dohin!

**Te'dy:** Elo, mei le'we Jong, kanns d'emol e Spâs erliewen. Ech gin d'Kätty och elo ruffen.

**Jempy:** Dat wèrd sech och mat Kreizer sénen. Wo' ass et?

**Te'dy:** (Rifft an d'Kichen.) Kätty, komm emol hurtég erân, dei Papp ass vum Be'se besiess!

### 3. Optrett.

**Kätty, de' Virécht.**

**Kätty:** (Lâcht.) Ma Papp, bass du bei Tro'scht?

**Köbes:** (Emmer.) Heihin, dohin!

**Te'dy:** (Zum Kätty.) Wéss du nach net, dass dei Papp op Ettelbréck muss? En ass total gèckeg. Déng Mamm ass d'Hiewân ruffen, fir em éng Oder ze lôssen.

**Kätty:** (Fängt un ze kreischen.) Dass net me'glech! (Hellt en em den Hals.) Papp, mei le'we Papp!

**Köbes:** (Ste'sst d'Kätty op Seit.) Heihin, dohin!

**Te'dy a Jempy:** (Lâchen hémlech an én dréckt dém âneren en A zo'.)

### 4. Optrett.

**Udil, Hugel, de' Virécht.**

**Köbes:** (Verdre't d'Aen am Kapp.) Heihin, dohin!

**Hugel:** Köbeschen, nu gef emol verstänneg a ste' op. Hues de net Loscht, fir éppes z'iessen. Ech mâchen der e Biffdéck.

**Köbes:** (Emmer me' hârt.) Heihin, dohin!

**Udil:** (Gét op en duer.) Wîrt, komm ech frieden der dei Bolz.

**Köbes:** (Get wëll.) Heihin, dohin!

**Hugel a Kätty:** (Wellen héllefen en unhâlen.)

**Köbes:** (Schle't em sech a jeitzt ewe' rôsen.) Heihin, dohin!

**Udil:** Dén do ass rôsen, dé muss an éng Zwangsjack gestach gin.

**Kätty:** Te'dy a Jempy, kommt héllefen mei Papp fésthâlen.

**Te'dy:** Ech wèrd mech schwe'er hidden, dass dén én nach beisst.

**Jempy:** O jo, eso' én ass net gutt upâcken.

**Udil:** Hei ass neischt ze wellen mat Odere lôssen oder Bluttseffer usétzen. Et muss é kucken, we' én dat rôsen d'Blutt gebändégt kritt. (Wénkt dem Hugel an dem Kätty. Allen drei of.)

### 5. Optrett.

### Köbes, Te'dy, Jempy.

**Te'dy:** Wann et elo gutt gét, da setzt onse gudde Köbes geschwen zu Ettelbréck.

**Jempy:** Ech kennt mech futti lâchen. Dass schued, dass den Dokter net hei ass.

**Köbes:** (Emmer.) Heihin, dohin!

### 6. Optrett.

### Hugel, Udil, Kätty, de' Virécht.

**Udil:** (Huet en Emer mat Wâsser an der Hand a schett et iwer de Köbes.)

**Köbes:** Brrr! Brrr! Der Deiwel hellt iech allen drei, dir Bâssen! Ech schlôn iech d'Bén durch! (Zerschle't se andém e jeitzt.) Dir Dommlo'deren, dir Kâlwer!



**Te'dy a Jempy:** (Weisen d'Géld.) Mir hun d'Wètt gewonnen! Eddy Köbes! (Of.)

**Köbes:** (Kennt zo' sech.) Dir verdammten, nondikasse Frâleit! Elo hun ech 40 Frang verluer. Ech sin net rôsen an net géckeg. Ech hât mat dénen zwé Dâgde'f gewât, an durch iech Hôrgänsen hun ech se verluer. (Geheit se allen drei eraus.) Eraus elei! (En drénkt e Glas Be'er.) Ech wor ower bâl dréche gin an der Strass. Ma elo wètten ech mei Liewe net me'. D'ass gutt dass et kéng âner wâren, et si méng bèschte Konnen, an de' Sue kre'en ech geschwen erem. An ech spillen dénen zwé och éng. Wurscht widder Wurscht! (E gét bei d'Auer, röselt de Kapp a lâcht. E weisst mam Fanger a sét ganz hârt.) Heihin, dohin!

**RIDEAU.**

## ZWETEN AKT.

(D'Wîrtschaft, grâd we' am e'schten Akt.)

### 1. Optrett.

**Köbes, Te'dy, Jempy.**

**Te'dy:** We' ass et da Köbes? War d'Udil scho lâng net me' hei, fir der éng. Oder ze lôssen?

**Jempy:** D'ass awer neischt iwer éng gutt kâl Dusch, da kennt én erem zo' sech.

**Köbes:** Sitt dach nemme ro'eg, dat ass scho lâng vergiess. Mè wärt, ech kre'en iech och éng Ke'er drun.

**Te'dy:** Mâch ower, dass d'Zeit der net lâng get!

**Jempy:** Du stés net fre' genug op, fir ons ze fénken.

**Köbes:** Ofwârden an Te' drénken, ech fannen iech Wurscht widder Wurscht!

### 2. Optrett.

**Kätty, de' Virécht.**

**Kätty:** (An der Dîr.) Papp, hei ass de Mann vun der Musel, dé gären de' eidel Fässer kâfe wellt. Kommt, wann iech gelifft, mat him an de Kéller.

**Köbes:** Da komm, bleif du an der Stuff, bis ech erem kommen. (Zum Te'dy a Jempy.) En Abléck!

**Te'dy:** Komm Kätty, sétz dech emol bei mech. Ech hu scho lâng e gudd A op dech. Du gefälls mer.

**Kätty:** Jé jé, mâch dach kéng Sâchen. Eso' e Jong we's du, fennt iwerall e Médchen. Wat méngs du, Jempy?

**Jempy:** Kätty, hâl dech net op mat him, dass e Spottfull, e ge'ng dech gieren e we'neg opze'en.



**Te'dy:** Heielei, du ge'ngs dech gieren als onschellege Jéngelchen dohi stéllen. Dohanner ass éppes âneschtt! Oder bass du och fro' mam Kätty? We'?

**Jempy:** (Bekuckt d'Kätty verle'ft.) Kéng We'! Bekemmer dech guer net drem! Iwrégens, ech hun der scho lâng gesôt, dass d'Kätty grad ménger Sâch wär. Duerfir schlô d'Blâd em a fènk èng âner Ried un. Ech schwètzen doriwer le'wer eléng mam Kätty.

**Te'dy:** (Jalo'ss.) Abé, ech méngen, wann d'Kätty ennert ons zwé ze wielen hätt, da wier d'Wiel net schwe'er. An dass d'et wéss, ech méngen et och iescht mam Kätty.

**Kätty:** Wann ech mech emol bestueden, dann duerf et ower ké sin we' dir zwe'n der sit, de' de Spott mat all Mensch mâchen. We' hut der et mat méngem Papp gemâcht? Wann é wellt freie gôn, da mécht é kéng eso' Sâchen mam Schwe'erpapp.

**Te'dy:** Ah, le'ft Kätty, dat wor jo nemme Spâss. Dat kennt sécher net me' vir.

**Jempy:** Du wors et ganz eléng, dén d'Sâch ugefângen huet. Du hues mech derzo' verfe'ert.

**Te'dy:** (Get be'ss.) Du beschassenen Hond! Aha, 't ass em de' Zeit! Gef alt uecht, dass de net zevill schwètz, soss sôen ech der èppes ânescht, da le'ert d'Kätty dech sauberen Apostel och emol kénnen.

**Jempy:** (Och be'ss.) Te'd, joh mech net op de Bâm, wèll soss erliews d'éppes. Du bass déer och alt én, dén de' âner erofmécht, fir sech de sche'ne Männchen ze mâchen, a fir dem Kätty ze gefâlen.

**Te'dy:** Elo gét et ower duer, soss fle'ss de vrun d'Dîr.

**Jempy:** Dass mer nach ze domm fir der z'èntwerten. (Bezielt sei Schnapps.) Elo wéss d'et, ons Frendschaft ass vun haut un um Enn. Eddy Kätty! (Get em d'Hand.) Ech kommen derno erem, fir en iescht Wûrt mat der ze schwätzen. (Of.)

**Kätty:** Eddy Jempy! (Gét mat bis bei d'Dîr a sét lues zum Jempy.) Mâch der neischt doeraus, wat e sét. Also bis derno. (Gét erem bei den Te'dy.)

### 3. Optrett.

**Kätty, Te'dy.**

**Te'dy:** Dass jo fir ze lâchen, wat dé vu sech méngt. 'T wor nach emmer e falsche Kérel. — En hat bésser fort ze gôen.

**Kätty:** Ech muss mech nemme verwonneren, dass dir zwé elo Streit kritt hut. Dir wârt dach emmer de' bèschte Frenn zesummen.

**Te'dy:** Dat stemmt. Ower zenter dass ech wéss, dass hien och fro' mat der ass, kennt ech e vergeften. Hälls du da wîrklech éppes op hien, Kätty? Sô mer oprichteg alles, wèll dovun hénkt mei Gléck of.

**Kätty:** Jé jé, Te'dy, du wéss dach, dass ech als Wîrtsmédchen mat jidder éngem schwätze muss. Mè wann et ower wär, fir mech ze bestueden, da wärs du mer honnert môl le'wer, ass we' de Jempy.

**Te'dy:** (Fro'.) Net, ech hu mer et jo geduecht! Dat gefällt mer. Abé, kuck Kätty, ech si wîrklech fro' mat der. Lôsse mer ons zesumme bestueden. Du le'w zockerse'ss Pepchen! O'ni dech kann ech net me' liewen.

**Kätty:** Abé, ech sôen net nén. Mè wèlls de méngem Papp de' gerass hues, ass dén net gutt an der Sâch ze schwätzen. Ech muss en drop virberéden. Komm derno erem, do sôen ech der d'Entwert.

**Te'dy:** Et soll e Wûrt sin. Em wivill Auer soll ech da kommen?

**Kätty:** O, lôss mer sôen, em séchs Auer. Ower komm just.

**Te'dy:** Kätty, em séchs Auer sin ech do, grâd ewe' d'Metsch am Bouték. Ower sô Kätty, ier ech gin, hätt ech ower gieren e klénge Beweis, dass de fro' mat mer bass! Eng énzeg Bés hätt ech giere vun déngem ârtléche, le'we, klènge, ronne Kischtemönnchen.

**Kätty:** Heielei, du ge'ngs scho giere naschlech gin! Né, mei Jong, wârt nach e we'neg. — Bis derno!

**Te'dy:** O, dajé bis derno. O, wär et alt scho séchs Auer! Dajé, éddi, mei le'wen Engelchen, mein hierzlecht, se'sst, sche'nt Duckelchen! (Schéckt em éng Bés. Of.)



### 4. Optrett.

**Kätty.**

**Kätty:** (Lâcht.) Elo dén âneren och nach eso' weit, an da wärt mei Papp lâchen, dass hie sech och un dénen zwé räche kann. Kätty, du hues déng Sâch gutt gemâcht, sét en dann zu mir. Hoffentlech wärt ech dann dat neit Kléd och kre'en, dat e mer eso' lâng versprach huet. — Hätt ech de Jempy elo hei, ech ge'ng dém et och nach unhénken, de Spott mat méngem Papp ze mâchen. Mè wîrklech, elei kennt e jo erem.

### 5. Optrett.

**Kätty, Jempy.**

**Jempy:** Mei le'ft Kätty, ech muss erem kommen! Ech stong do hannen ze wârden, bis dén ânere fort wär. Dat huet nawèll lâng gedauert, bis e komm ass. Du hues mer dach kéng gerass, an du hues dém Beschéd gesôt? O Kätty, ge'ngs de mech bedre'en, ech ge'ng mech ersche'ssen, erhénken an an d'Wâsser sprangen, eso' ongléckIech wär ech.

**Kätty:** Ech wèrd dach net gebass sin, fir mech mat dém opzehâlen! En huet mer ower elo éng Liebeserklärung gemât, Numero ént.

**Jempy:** O Kätty, a wat hues du da gesôt?

**Kätty:** E soll den Owend em séchs Auer erem kommen, da kritt en d'Entwert. Du kenns em Ve'rel vir séchs, an da verstoppen ech dech, da kanns de he'eren, wat ech zum Te'dy sôen.

**Jempy:** O Kätty, elo gesin ech, dass de fro' mat mer bass. O, du kriss et och gutt bei mir. Ech drôen dech op méngen Hännercher. Dajé, éddi Kätty, bis e Ve'rel vir séchs. (Wellt em éng Bés gin.)

**Kätty:** Nach net, nach net bis derno!

**Jempy:** Dajé, „au revoir" bis derno, sche'ne Ro'sestéckelchen. Hâl dech gesont a monter. (Schéckt em éng Bés. Of.)

## 6. Optrett.

**Kätty.**

**Kätty:** (Lâcht.) We' de Bock vu Conter. Wat get dat do éng Géllecht! De' zwé wärden sech bekucken. Elo muss ech mei Papp ower och nach an dèr Sâch ennerriechten.

## 7. Optrett.

**Kätty, Köbes, Weinhändler.**

**Köbes:** Da kommt erân, da kenne mer jo den Handel eso' mâchen.

**Weinhändler:** Meija! Ower de' Fässer muss ech bei der Lûcht gesin, dass ech wéss, op se net rennen. Dir kennt d'Fässer jo erop huelen. Ech hun nach éng Komissio'n am Duerf an da kommen ech erem kukken. Bis derno! (Köbes gét mat bis bei d'Dîr.)

**Köbes:** Averstânen! Ech huelen se dann erop.

**Kätty:** Sô Papp, elo hun ech d'Sâch an der Rei mat dénen zwé. Ech méngen, sie gin op de Leim. 'T ass alles eso' weit fèrdeg.

**Köbes:** Elo sin ech ower neigéreg. A we' wells de dat da mâchen?

**Kätty:** Ma da lauschter! Ent hâlen ech mir ower aus: Ech muss dat neit Kléd kre'en, was de mer schon eso' lâng solls kâfen.

**Köbes:** Ah, wanns d'et fèrdeg bréngs, dass ech dénen zwé éng reisse kann, da kriss d'et gieren.

**Kätty:** D'Sâch ass de' hei: Den Zo'fall war mer behelleflech. Elo e'nescht hun ech gesin, dass de' zwé Dreibietzen sech a mech verle'ft hun, an dass é me' jalo'ss ass we' dén âneren. Sie hâten sech bâl zerschlôe fir mech, an sie ge'ngen sech giere mat mir bestueden. Ech hun éngem nôm âneren gutt Hoffnung gemâcht. Ech sôt, sie sollen derno erem kommen da kre'gen se éng Entwert.

**Köbes:** Ech versti net. Wo' kann ech hinnen dann dobei éng reissen?

**Kätty:** Mè da lôss mech emol ausschwätzen. Huel de' zwé Fässer erop, de' de Mann giere kêft, a stéll se heihin. Derno wa se kommen rîchten ech et ân, dass jidderê vun en an e Fâs klemmt. Ech hun de Jempy e'schter bestallt we' den Te'dy. 'T geseit kén éppes vum âneren. Setzen se allen zwé an de Fässer, da kenns du, Papp. — An de Rèscht wèrd ech der net breichen ze sôen. De Schluss vun der Sâch ass, du lâchs fir d'lèscht, an och fir d'bèscht. An dann erennerst du se drun, was de gesôt hues. Wurscht widder Wurscht!

**Köbes:** Elo verstin ech. Ech schedden dann — —

**Kätty:** Ro'eg, 't kennt én et he'eren.

**Köbes:** (Voll Fréd.) O Kätty, wat get dat e Spâs. An déngem neie Kléd bass de sécher.

**Kätty:** Dann huel elo d'Fässer nach erop aus dem Kéller.

**Köbes:** Jo mei Kand. (Gét of a reifft sech d'Hänn.)



## 8. Optrett.

**Köbes, Kätty, Jempy.**

**Kätty:** D'Hierz fénkt mer ower un ze klappen. Ech muss lâchen, wann ech drun dénken, dass de' zwé grâd éng Dusch kre'en, we' d'Udil méngem Papp éng gin huet. Elo ass et halwer séchs, lôss mech alt Wâsser siche gôen. (Of.)

**Köbes:** (Bréngt d'Fässer erân, reifft sech d'Hänn.) So' elo kenne se kommen, de' kre'en hir Dusch erem. (Mécht e Fanger a lâcht.)

**Kätty:** (Bréngt en Emer Wâsser.) Hei Papp, ech stéllen en heihin. (Sétzt en hanner de Contoir.) Lôss mech elo eléng, wèll dass un der Zeit, dass se kommen. Gef nemmen uecht, wann s'an de Fässer setzen, dass de dann erâ kenns. Bréng de Mann och mat.

**Köbes:** Fiercht nemme net! An dann 1, 2, 3, Brrr. (Of.)

## 9. Optrett.

**Jempy, Kätty, Te'dy, Köbes, Weinhändler.**

**Jempy:** O le'ft Kätty, hei sin ech. Ech hu geméngt, de' Stonn ge'f éng E'wegkét daueren. (Geseit d'Fässer.) A wat mechs de dann mat déne Fässer?

**Kätty:** O, de Weinhändler kéft méngem Papp s'of. E kennt se derno kucken. Dass ons an éngems kamo't fir dech ze verstoppen. Do he'ers de grâd, wat ech dem Te'dy sôen. Ech rîchten et an, dass hien an dat ânert klemmt. Wann en dann dra setzt, da klappen ech dir, du klemms dann eraus a méchs de Géck gutt mat him. Dé wèrd da gro'ss Ae mâchen, wann e geseit, dass du bei mir bass, an da gi mir allen zwé him de Laufpass.

**Jempy:** Dat elo ass gro'ssartég. E wèrd gleich kommen. Ech klammen alt an d'Fâss. (E mécht et.)

**Kätty:** Sief nemme sche' ro'eg, dass en dech net geseit an och net he'ert. A gef och net onro'eg, wanns de he'erst, wat ech dem Te'dy sôen.

**Jempy:** (Am Fâss, schéckt dem Kätty éng Bés.) Fiercht net, ech mâchen alles we'ss d'et gieren häss.

**Kätty:** Pst, Pst, elo kennt én. (Fir sech.) Dén do ass emol sécher. Elo kennt Numero zwé un d'Rei.

**Te'dy:** Hei sin ech, hei sin ech! We' ass et mat der Entwert.

**Kätty:** Jeitz net eso'. Mei Papp ass net gutt opgeluecht. Mè wat ech der wollt sôen, de Jempy kennt och heihin. Hie ge'ng mer gieren d'Cour mâchen.

**Te'dy:** Ech schlôen em d'Bén nach durch.

**Kätty:** Ro'eg a net gestridden. Fir dass de geseist, dass ech neischt vum Jempy wesse well, mâchen ech der éng extra Fréd. Du solls alles he'eren, wat mir zesumme schwätzen.

**Te'dy:** Mè elei geseit e mech jo. Kanns de mech dann net verstoppen? Dat ge'ng mer gefâlen.

**Kätty:** Hei, elei ass en eidelt Fâss, du klemms an dat, an do he'ers du alles ganz gutt.

**Te'dy:** Soll ech an dat Fâss klammen! (Bedénkt sech.) Nujé, aus Le'ft fir dech an och fir dem Jempy éng ze reissen, klammen ech dran.



**Kätty:** Hun ech dem Jempy seint da gesôt, da spréngs du eraus a lâchs e gutt aus.

**Te'dy:** Kreizbatterie, de' do ass gutt. A Gottes Namen, erân an d'Fâss!

**Kätty:** (Wénkt séngem Papp.) Komm hurteg! (Köbes an de Weinhändler kommen erân, de Köbes huet en Emer Wâsser an der Hand.)

**Köbes:** Hei elei sin d'Fässer, sî sin nach grâd ewe' nei, mer kenne se jo gleich probe'eren. (E schött Wâsser aus dem Emer an d'Fässer.)

**Te'dy a Jempy:** Brrr! Brrr! (Sprangen allen zwé aus de Fässer a ruffen): A wat hêscht dat do?
A wat hêscht dat do?

**Köbes:** Dat hêscht, dass dir zwé och ugeschmiert sit gin. Haha ha ha!

**Te'dy:** Kätty, ass dat iescht?

**Jempy:** Kätty, méng Entwert?

**Kätty:** De' hut der jo elo allen zwé kritt. Aus dem Bestueden get elo neischt, mir kennen ower gutt zesummen bleiwen. (Lâcht.)

**Te'dy:** (Zum Jempy.) Elo verstin ech et ere'scht. 'T war nemme verle'ft mat ons, fir ons de' anzebréchen.

**Jempy:** An dofir wollte mir zwé ons de Réck dre'en. Komm u mein Hierz, Te'dy, lôsse mer ons Frendschaft erneieren. (Sî gin sech d'Hänn a fâlen sech em den Hals.)

**Köbes:** We' ass et dann elo? Gélt, dass ower neischt iwer éng gutt kâl Dusch, da kennt én erem zo' sech. Elo si mir quitt, ech hun iech och dru kritt. Wurscht widder Wurscht!

**Te'dy:** Abé, ech verzeien dir, awer em Kätty nie.

**Jempy:** An ech och. (Röselt sech.) Brrr! Brrr!

**Weinhändler:** A wat hêscht dat dann alles? Ech verstin dat net!

**Köbes:** Oh, elo drénke mer éng gutt Fläsch, an dann erzielen ech iech alles.

**Weinhändler:** Ech well.

**Te'dy:** Jo, ower och alles. Och vun dénger Wètt an dénger Dusch.

**Jempy:** (Lâcht.) Heihin, dohin!

**Köbes:** (Lâcht.) Wurscht widder Wurscht!

**RIDEAU.**